N°5893
Reçue le 07.03.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 07.03.2022

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 7. Mäerz 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister weiderzeleeden.

Am Artikel „*Grande manifestation ce samedi à Luxembourg*" heescht et, datt d'Gemeng Esch an Ofsprooch mam Staatsministère decidéiert hätt, de Bau vun engem Monument fir sowjetesch Zwangsaarbechter, déi vun den nationalsozialisteschen Okkupanten op Lëtzebuerg verschleeft goufen, wéinst dem Krich an der Ukrain auszesetzen.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Staatsminister gär dës Fro stellen:

1) Kann den Här Staatsminister elaboréieren, wou hien eng historesch-politesch Kontinuitéit tëschent sowjeteschen Zwangsaarbechter zu Lëtzebuerg an dem aktuelle Krich an der Ukrain gesäit, op där dës Decisioun baséiert?
2) Kann den Här Staatsminister begrënnen, wéi wäit dës Decisioun senger Meenung no zu enger diplomatescher Léisung vum Krich an der Ukrain kéint bäidroen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

N° 5893
Reçue le 14.03.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Äntwert vum Här Premierminister, Staatsminister op d'parlamentaresch Fro n° 5893 vum 7. Mäerz 2022 vum honorabelen Deputéierten Fernand KARTHEISER iwwert d'„suspension de la construction d'un monument à Esch-sur-Alzette"

De Projet vum Monument fir sowjetesch Zwangsaarbechter ass eng Zesummenaarbecht mat de russeschen Autoritéiten, déi opgrond vun der aktueller Situatioun ausgesat ginn ass. Am Moment ass et leider net méiglech, mat deem néidege Recul an der néideger Sérénitéit déi wichteg Mémoiresaarbecht ze maachen, déi ee fir d'Affer wierdege Kontext brauch an ouni déi d'Mémoiresaarbecht net zu engem bessere Versteesdemech tëschent den Natioune bäidroe kann.

Lëtzebuerg, den 13. Mäerz 2022

De Premierminister, Staatsminister

(s.) Xavier BETTEL